

Här Buergermeeschter,

Dir Häre Schäffen,

Madame an Dir Häre Gemengeconseillere,

De Budget dee mir virgeluecht kruten an iwwert dee mir haut sollen ofstëmmen, ass de leschte Budget vun där heite Koalitioun. Et ass e wichtegt Dokument, en Dokument, wat d'Spiegelbild vun der Finanzsituatioun vun eiser Gemeng soll sinn.

Wann ech e Verglach maachen: am Dezember 2011 hate mir eng Gemengeschild vun 31 Milliounen Euro, am Joer 2017 wäerte mir eng Schold vun 39 Milliounen Euro hunn. Dat ass e Plus vun 8 Milliounen Euro a 6 Joer.

D'Schildelaascht bedréit 8,94% vun eisen uerdentleche Gemengerecetten. Mat dëser Schold léie mir am Spëtzepeleton vun alle Gemengen.

Mir begréissen et, dass dir en Deel vun eiser Schold mat engem *Taux fixe* wëllt uleeën. Et ass ze hoffen, dass d'Finanzinstituter mat Iech op dës Wee goe wëllen.

D'Personalkäschte vun der Gemeng leie bei ronn 33,39% vun den uerdentlechen Ausgaben. Vergläicht een dat mat aner Gemengen, dann ass dat en nidderege Prozentsaz. Bei dësen Ausgaben däerf en awer net den heege Käschtepunkt am Budget vergiesse fir déi Aarbechten, déi vu Privatentreprisen a vu Pro-Actif zousätzlech gemaach ginn.

An aner Gemenge ginn dës Aarbechte vun hirem eegene Personal gemaach an dat dréit natierlech dozou bei, dass de Prozentsaz vun hire Personalkäschte vill méi héich ass ewéi an eiser Gemeng.

Wann eng Gemeng esou séier wiest ewéi eis, da brauch een och genuch Personal fir déi sëllege Aarbechten ze maachen, déi all Dag ufalen. Déi gréng ënnerstëtzen dofir och Neistellung vu Personal, wat mir och schonn zanter Joer gefrot hunn.

Ze bedauern ass dee stännege Wiessel vum Personal, sieft et am Service Technique oder an der Administratioun.

6,41 Milliounen Euro kascht den Enseignement eis Gemeng, 8.235 € pro Schüler. Dat ass net wéineg. Dat nächst Joer fällt dës Betrag ewech, well de Staat d'Loungeschte vum Schoulpersonal integral iwwerhuele wäert.

Fir déi gréng ass et wichteg, dass d'Kanner eng gutt Bildung ugebuede kréien, an engem moderne Kader, ee gesond lessen an der Mëttegstonn an eng gutt Betreuung no der Schoul an der Maison Relais.

Mir begréissen och erëm d'Afféierung vum Pedibus ob der Cap, déi mir och gefrot haten.

Eis Gemeng huet sech an deene leschte Joer staark entwéckelt. D'Zuel vun de Bierger an eiser Gemeng ass op méi ewéi 9.200 geklommen. Bei esou engem staarke Wuesstem war et natierlech noutwendeg, vill an d'Infrastrukturen ze investéieren.

An eisen Aktivitéitszonen hunn sech och ëmmer méi Betriber a Verwaltungen ugesidelt. An der Zukunft wäert dat och nach weider de Fall sinn, well eis Gemeng ass jo klasséiert ginn als „Centre de Développement et d'Attraction“.

Mir kënnen och frou sinn, dass duerch déi nei Gemeengefinanzreform eis Gemeng ganz staark favoriséiert gëtt duerch Recette vum Staat iwwert de Wee vun der sougenannter Dotation de l'État an der Gewerbesteier.

E puer Bemierkungen a Froen zu eenzele Budgetsposten:

### ***Dépenses ordinaires***

E Betrag vun 10.000 Euro ass virgesi fir d'*Commission de la Jeunesse*.

Zanter méi ewéi engem Joer ass dës Kommissioun net méi zesumme komm. Wann de President an de Sekretär keng Zäit méi hunn oder aus engem anere Grond net méi kënnen déi Versammlunge leeden, da mussen si hir Demissioun ginn an si mussen ersat ginn.

An der Kommissioun si jo nach 11 aner Memberen déi sech gemellt haten an och gestëmmt gi waren, fir an dëser Kommissioun u Projete fir d'Jugend, an Zesummenaarbecht mam Jugendhaus aus eiser Gemeng, matzeschaffen .

Ech géif do de Schäfferot bieden, déi zwee Posten ze besetzen, fir dass dës Kommissioun 2017 erëm normal fonctionnéiere kann esou wéi déi aner Kommissiounen.

### ***Recettes ordinaires***

D'Mamer Gemeng kritt 60.000 Euro fir de **Verkaf** vun Tickete vun „repas sur roues“.

An den *Dépenses ordinaires* steet e Betrag vun 52.000 Euro. D'Mamer Gemeng mécht also beim **Verkaf** vun den Tickete vun der Croix-Rouge e Benefice **vun 8.000 Euro**, deen déi Bierger musse bezuelen, déi vun dëser Offerte profitéieren. D'Mamer Bierger bezuele fir en “repas sur roues” 15 Euro. An eisen Nopeschgemengen bezuehlen d'Bierger fir dat selwecht lessen 13 Euro. Also 2 Euro manner!

Am Budget steet nach e Betrag vu 25.000 Euro. Dëse Betrag muss d'Gemeng bezuelen als “participation à la fourniture des repas sur roues”. Dat ass dann den Defizit den eis Gemeng zousätzlech nach muss droen, well de Verdeelerschlëssel vun der Croix-Rouge gesäit dat esou vir, dass déi Gemeng mat deene meeschten Awunner den gréissten Deel vum Defizit muss droen.

Wann dir dat gerecht fannt Här Buergermeeschter, déi gréng Fraktioun fënnt dat net.

Ech hu scho méi ewéi eng Kéier op dëser Plaz dës Remarque gemaacht an ech verstinn net, dass do net méi Asaz vu Säite vum Schäfferot ass, fir dat mat der Croix-Rouge ze regelen. Duerch de steigende Wuesstem an der Zukunft gëtt den Defizit, deen eis Gemeng muss droen, ëmmer méi grouss. Dat Ganzt ass e Faass ouni Buedem! Vu Sozialpolitik fir déi eeler Leit ass hei guer net ze schwätzen.

Am CIPA bezilt jo och jiddereen de selwechte Präis, egal aus wat fir enger Gemeng hie kennt.

E Betrag vun 150.000 Euro steet dëst Joer am Budget fir d'Spillplazen an der Gemeng. Dat lescht Joer war do nëmmen e Betrag vun 100.000 Euro virgesinn. Mir bedauern, dass an dësem Budget et net virgesinn ass, fir och eng Half-Pipe an dem *Centre de Loisirs* op der Cap oder zu Holzem ze installéieren. Eis Fraktioun freet dat scho säit Jore. Mir wäerten dat dann an deene verschiddene Wahl-Programmen dat nächst Joer erëm fannen.

### ***Dépenses extraordinaires***

Déi gréng ënnerstëtzen de Projet, fir e Parking an en Trottoir zu Holzem niewent dem Kierfecht ze maachen. Domat wär ze hoffen, dass keng Autoe méi laanscht d'Strooss parken, an dass domat virun allem fir méi Sécherheet fir d'Foussgänger gesuergt gëtt.

Déi gréng begréissen et, dass am Mamer Scoutshome verschidden Aarbechten a Reparatüre solle gemaacht ginn, well dat ass wierklech noutwendeg. All Gebai soll ëmmer ënnerhale gi, fir dass et sai Wäert net verléiert. Mir hoffen, dass de Schäfferot am Betrag vu 50.000 Euro och eng Entkalleksanlag virgesinn huet.

D'Gemeng huet vill investéiert an Infrastrukturen an all deene leschte Joer. Zum gréissten Deel hu mir dës Investitioune matgedroen an zum Deel initiéiert.

Mee mir vermessen awer nach ëmmer déi méi sozial Politik: Projete fir eis Jugend, fir eis eeler Leit, a fir déi aldeeglech Liewensqualitéit a Sécherheet vun alle Bierger.

Här Buergermeeschter, Dir hat an Ärer Schäfferotserklärung verschidde Projete versprach, déi awer bis haut nach net realiséiert goufen an déi mir och net an Ärer Budgets-presentatioun fonnt hunn:

- e Vermëttlungsdéngscht, eng Zort lokale Mediateur,
- d'Veräiner solle vum lokale Fernsehprogramm méi dacks a méi ausféierlech profitéiere kënnen,
- d'Aféierung vun enger Finanzéierungshëllef fir jonk Famillje vun der Loyerskautioun a vun enger Ergänzungsprime fir Architekten- oder Ingenieurskäschten asw.

Fir am leschte Joer vun dëser Legislaturperiod froe mir lech:

- Fir lech anzesetze fir zousätzlech Moosnamen a Verkéiersberouegungen an allen Duerchgangstroossen an eiser Gemeng.

- Fir iwwerall an der Gemeng wou et machbar ass, iwwerdeckte Bushaisercher op den Haltestellen ze installéieren.
- Fir betreit Wunne fir Senioren, och fir gehbehënnert Bierger, als Alternativ zum CIPA.
- Fir ee Service ze schafe fir eeler Leit, fir kleng Aarbechten am Haus, déi si net méi selwer kënnen maachen, awer ouni eng Konkurrenz se si fir privat Firmaen.
- Fir méi soziale Wunnensbau fir Jonker a fir sozial schwach Familljen ze schafen.
- Fir lech anzesetze beim Fonds du Rail, fir den Ausbau vun dem CFL-Parking zu Mamer an op der Cap.

Eis Fraktioun vermësst och eng gewëssen Transparenz an Informatioun vun Ärer Säit vis-à-vis vun der Opposition. An der Schäfferotserklärung hat Dir dem ganze Gemengerot eng loyal a konstruktiv Zesummenaarbecht ugebueden. Leider mierke mir net vill dovun.

Ofschléissend wëll ech dem ganze Gemengepersonal Merci soen, déi bei der Opstellung vum Budget matgeschafft hunn, a fir déi detailléiert Presentatioun.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.